« Schüler hëllefe Schüler» 2023-2024

Bass du interesséiert fir Nohëllefsstonnen ze ginn an du weess awer net wiem? Wann s du selwer gutt an engem Fach bass, an du wëlls engem anere Schüler, dee Schwieregkeeten an engem Fach huet, hëllefen, da mell dech am SePAS.

**Wien kann Nohëllefsstonne ginn?**

- Schüler, déi an deem Fach oder deene Fächer, wou se Nohëllef wëlle ginn, eng gutt Nott an deem leschte Joer respektiv an deene leschten 2 Joer haten
- Schüler, déi e gudden Ëmgang mat anere Leit hunn an déi sech bereet fillen, engem anere Schüler Nohëllefsstonnen ze ginn
- Schüler, déi zouverlässeg sinn
- Schüler vu 4e bis 1ère

**Fir all Schüler déi Nohëllef wëlle ginn, gëtt Freides, den 20.Oktober um 11h45 am Klassesall A-2-1 eng Formatioun ugebueden. Dës Formatioun ass obligatoresch an de Schüler deen drun deelgeholl huet, kritt ee Certificat ausgedeelt.**

**Wéi ass den Deroulement?**

- Fiche d'inscription (verso) ausfëllen an am SePAS ofginn
- De SePAS erstellt eng Lëscht mat de Nimm vun de Schüler, déi Nohëllefsstonnen wëlle ginn
- De Schüler, deen eng Nohëllef wëll kréien, kënnt an de SePAS a kritt de Numm vum Schüler, deen Appui gëtt. De Schüler kontaktéiert via Teams deen anere Schüler a mëscht mat him ee Rdv aus
- D'Nohëllef fënnt an der Mëttesstonn oder no der Schoul am CDI oder an engem Klassesall statt an et muss een sech am CDI un- an ofmellen (et muss een sech op eng Fiche de Presence am CDI androen)

**Gëtt een dofir bezuelt?**

D'Schüler, déi Nohëllefsstonnen ginn, ginn no folgendem Tarif bezuelt:

- Schüler/in vu 4e: 11,33 €/Stonn
- Schüler/in vun 3e : 14,17 €/Stonn
- Schüler/in vun 2e/1ère: 17,00 €/Stonn

D'Nohëllef ass **GRATIS** fir d'Schüler, déi Nohëllefsstonne kréien !

**Kontaktpersoune bei weidere Froen** :

Annick Arendt (SePAS, Tel: 2604-5347, annick.arendt@education.lu)

Max Espen (Service socio-éducatif, Tel: 2604-5311, max.espen@ecg.lu)

**Fiche d'inscription « Schüler hëllefe Schüler » 2023-2024**

**Oui,** j'aimerais donner du cours d'appui dans la/les branche(s) suivante(s) qui sont, par ordre de préférence :

Branche 1 ............................................ pour les élèves de la/des classe(s) ....................

Branche 2 ............................................ pour les élèves de la/des classe(s) ....................

Professeur(s) de cette année scolaire 2023/2024 dans la branche 1 ....................................

la branche 2 ....................................

Professeur(s) de l'année passée 2022/2023 dans la branche 1 ....................................

la branche 2 ....................................

Nom et Prénom : ............................................................ Classe : ....................

Adresse : ............................................................................................

Date ....................................

Nom de la banque : ....................................

IBAN : ....................................

Signature de l'élève : ....................................